# Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

## News

### 4.5.2015 E Recht méi, eng Pflicht méi.

04 **May** *2015*

RTL-Reportage iwwert de Sproochentest:

"D'Nationalsprooch wier einfach wichteg fir d'Integratioun."

Fir eis ass et wichteg dass déi auslännesch Matbierger, déi en Wahlrecht sollen kréien och an der Pflicht stinn fir déi duebel Nationalitéit unzehuelen an sou ze weisen dass se Lëtzebuergesch verstinn an schwätzen.

Fir méi Informatiounen op "read more"

Read more … 4.5.2015 E Recht méi, eng Pflicht méi.

### 3.5.2015 “Et ass onlogesch engem nëmmen dat aktiivt Wahlrecht ze ginn”

03 **May** *2015*

(comments: 0)

http://www.100komma7.lu/…/patrick-dury-lcgb-et-ass-onloges…/

D'Auslännerwahlrecht ass mol nach nët gestëmmt an schonn gëtt och dat passiivt Wahlrecht gefuerdert.

Also dass auslännesch Kandidaten och kënnen gewielt ginn an Députéiert kënnen ginn.

Dofir:
- Loosst Iech net täuschen! D'Regierungsparteien hunn d'Konditiounen an der Referendumsfor temporär méi schwéier gemaach well se Angscht haten si géifen de Referendum verléieren. Dat ass awer alles just en éischten Schrëtt.

Read more … 3.5.2015 “Et ass onlogesch engem nëmmen dat aktiivt Wahlrecht ze ginn”

### 1.5.2015 Nee beim Referendum vum 7. Juni

01 **May** *2015*

(comments: 0)

Mir sinn elo 100 Joer laang gutt gefuer mat ganz villen Immigranten aus Polen, Italien, Portugal an villen aneren Länner an och wann et mol Schwieregkeeten gouf oder gëtt, déi vill Immigranten an hir Kanner hunn sech letztendlech gutt integréiert, an stellt iech mol fir: Alles dat war méiglech …. OUNI AUSLÄNNERWAHLRECHT.

De ganzen Artikel: https://www.wort.lu/…/briefe-an-die-redaktion-mir-sinn-elo-…

Bestellt weiderhin bei eis Autocollanten an Flyer per Mail (kontakt@nee2015.lu)

Read more … 1.5.2015 Nee beim Referendum vum 7. Juni

## 30.4.2015 Konferenz iwwert d'Auslännerwahlrecht mat nee2015

30 **Apr** *2015*

(comments: 0)

Kommt haut, um 19:00, an d'Stad an den Cercle Cité.
Mir wäerten während 15 Minutten de Standpunkt vum Nee zum Auslännerwahlrecht vertrieden.

Duerno ass nach Débat wou d'Leit aus dem Publikum kënnen Froen stellen.

Grousse Merci un d'Stad Lëtzebuerg fir d'Invitatioun.

Méi Informatiounen fënnt een hei.

Read more … 30.4.2015 Konferenz iwwert d'Auslännerwahlrecht mat nee2015

## 29.4.2015 Keen fairen Informatiounsowend zu Stroossen

29 **Apr** *2015*

(comments: 0)

Kommt haut um 19:30 an de Centre Barblé zu Stroossen fir de Nee!

Déi Stroossener Gemeng huet refuséiert dem Nee déi selwecht Chancen ze ginn, wéi zu Esch an zu Kolmer-Bierg. De Nee dierf do keng Presentatioun maachen.

Trotz eisen villen Ufroen iwwer Mail an Telefon kruten mir ni eng Äntwert vun der Gemeng Stroossen. D'Gemeng Mamer huet eis dogéint den Accord ginn, awer drop verwisen dass d'Décisioun bei der Stroossener Gemeng läit.

Mir froen eis: Firwat huet de Schäfferot ronderëm de Buergermeeschter Gaston Greiveldinger eis ni eng Äntwert ginn?

De Nee2015 ass trotzdem do. Kommt op Stroossen a sot är Meenung!

Gëschter zu Betzder war och scho keen demokrateschen, equilibréierten Debat.

Eng Majoritéit seet Nee zum Auslännerwahlrecht. Mir sinn absolut onparteiesch. Mir sinn déi politesch Mëtt.

Hei ass de Flyer vum Informatiounsowend.

Read more … 29.4.2015 Keen fairen Informatiounsowend zu Stroossen

Page 24 of 30

- « First
- Previous
- 21
- 22
- 23
- 24
- 25
- 26
- 27
- Next
- Last »